HAL

**HAPIMAG AMICALE LUXEMBOURG a.s.b.l.**
**www.hapilux.lu**

Letzebuerg, de 25. März 2017

**Rapport vun der Generalversammlung 2017**

**de Sonndeg, 19. März 2017 um 14.30**

**am Park Hotel zu Dummeldeng**

D'Generalversammlung war erem an deer seit e puer Joer üblecher Form, kombinéiert mat engem Iessen. Um Iessen waren 63 Leit, ca 20 weiderer si fir d'Generalversammlung komm.

**Begrüssung durch den Präsidenten Jean-Claude Sinner**

**Tätigkeitsbericht über das vergangene Jahr durch den Sekretär ff**

De Präsident begréisst t'Leit, déi un deser Generalversammlung deelhuelen. Den Ordre du jour gouf ugeholl.

En entschellegt den Eierepräsident Marcel Oberweis, dé wéinst enger Familiefeier net kann derbei sinn. E kommentéiert verschidde Changementer, déi et am Management vun der Hapimag ginn huet (en neien CEO, Départ vum Här Klein). E mécht och en Appel un nei Leit fir an de Comité.

Well de Präsident och Sekretär ff ass, leet hien direkt zum Tätegkeetsbericht iwer.

- D'Generalversammlung 2016 war den 20 März 2016.
- De Comité war 5 mol beiené komm.
- De Präsident huet un der Generalversammlung vun der Hapimag de 25, Abrel 2016 délgeholl. Een Thema, dat och vill Letzebuergesch Memberen interesséiert, ass de Verkaaf vun der Anlag vu Chamonix, déi schlecht ausgelaascht war.
- D'HAL-Rees 2016 war op Dresden a Braunlage.
- De Comité hat op eng Aktivitéit invitéiert, wou sollten Dia'e gewisse ginn vun den 2 leschte Reesen. Et haten sech net vill Leit ugemelld, an déi Saach ass ofgebloose ginn.
- De Roland Weber mecht de Reckbleck op d'HAL-Rees op Dresden a Braunlage.

D'Posteverdeelung 2016 war déi hei:

| | |
|---|---|
| • Jean-Claude Sinner | Präsident a Sekretär ff |
| • Robert Schanen | Vize-Präsident |
| • Raymond Kauffmann | Vize-Präsident |
| • Josy Hienckes | Keesier |
| • Roland Weber | fir t'Punkten an fir t'd'Reesen zoustänneg |
| • Guy Reichert | fir t'd'Vermettlung vun Aktien zoustänneg |
| • Jempi Nies | mam Roland fir t'Reesen zoustänneg |
| • Carlo Schwachtgen | Webmaster |
| • Fernand Blum | Member vum Comité |
| • Edy Schenten | Member vum Comité |

**Bericht des Kassenwarts - Josy Hienckes**

Den Trésorier dréit de Keessebericht fir.

Den Exercice 2016 schléisst mat engem klenge Boni vun 80,29 € of (2015 waren et 2.760,69 €), um 31.12.2016 ass den Actif vun der HAL 48.068,70 € (Enn 2015: 47.988,41 €).

Suerge mécht d'Zuel vun de Memberen, déi dauernd zreckgét. Och ware verschidde Käschten méi héich ewéi déi Joere virdrun. Op der aner Säit sinn d'Punkten, déi mer kaaf hunn, méi wäert.

**Bericht der Kassenrevisoren und Entlastung des Kassenwarts**

Den Här Georges Heiderscheid bestätegt d'korrekt Keesseféierung an t'korrekt Zuelen a proposéiert t'Entlaschtung vum Keessier. Dé Keessier get per Akklamatioun entlaascht.

**Entlastung des Vorstands**

Och de Comité als Ganzt kritt per Akklamatioun t'Entlaaschtung.

**Bestimmen der Kassenrevisoren für das Jahr 2017**

Den Här Conter an den Här Heiderscheid goufen an hirer Charge bestätegt.

**Teilerneuerung des Vorstands: Austretende und wieder wählbare Mitglieder sind:**

Austriedend Comitésmembere waren: Blum Fernand, Hienckes Jos, Kauffmann Raymond, Schwachtgen Carlo, Weber Roland. Si goufen eremgewielt. Et war keng nei Kandidatur fir de Comité komm.

De Comité verdeelt an senger nächster Setzung t'Chargen.

**Bericht über den Punkteankauf und -verkauf - Roland Weber**

**Bericht über den Altaktienkauf und -verkauf - Guy Reichert**

Am Joer 2016 huet d'HAL 5.743 Punkte vun de Memberen opkaaf, an 4.608 verkaaf. De Stock ass am Enn vum Exercice 3.257 Punkten, dovun 3.039 Punkten, déi den Abrel 2018 verfaalen. E gréisseren Dél dovu geet fir t'Rees 2017 opgebraucht.

Bei den Aktie gouf et keng Transaktioun.

**HAL-Reise nach Berlin und Binz (14-24 Juni 2017)**

De Roland Weber an der Jean-Pierre Nies, déi Guide sin op eise Reesen, hun de leschte Stand vun de Virberedungen matgedeelt. Nei ass dat aus verschidden Ursachen (e.a. Preis) net bei der Hapimag zu Berlin logéiert sinn. Et leeft alles zur voller Zefriddentheet.

**Verschiedenes**

De Präsident vun der HAL wärt dest Joer nees un der Generalversammlung vun der HAPIMAG zu Baar, den 20. Abrel deelhuelen. Hie mecht den Appel un d'Memberen, him eng Prokuratioun zoukommen ze loossen.

**Freie Aussprache**

- An der freier Ausssprooch gouf suggéréiert, ze intervenéieren, fir dat d'lokal Käschten (déi also an der Anlag bezuelt ginn) kenne mat Punkte bezuelt ginn.
- Et gouf nei Kéier de Verkaaf vu Chamonix bedauert. Et géing interesséieren, wivill Partner aus de verschiddene Länner kommen.
- De Präsident weist drop hin, dat ee kann vun dësem Joer un e-Voting op der Generalversammlung vun der Hapimag man. Hie mécht awer en Appel un d'Memberen, der HAL Procuratioun ze ginn, well domat huet d'HAL méi Poids bei der Hapimag.
- Et get un d'Arrangementer mam Résbüro Sales erennert, wann een iwert si eng Rees bucht. Dese Service gëtt vun elo un vum Roland Weber betreit. De Präsident huet dem Robert Schanen, den dat zënter ganz ville Joere mécht, en härzleche Merci fir seng Aarbecht gesot.

Zum Schluss get t'Punktentombola ausgespillt: 6x 10 (nei) Punkten. Des sinn déi Punkten, déi d'Aktie vun der HAL abrengen.

De Präsident a Sekretär ff

Jean-Claude Sinner